



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 4069 vum 7. Mee 2026 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Sproochekenntnisser op der CFL.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Sproochekenntnisser op der CFL. Déi follgend Informatiounen goufen bei der CFL ugefrot.

Wéi eng Roll spillt d'Lëtzebuergesch Sprooch aktuell bei den CFL, besonnesch am Kader vun der Rekrutéierung an der Formatioun vum Personal?

D'Lëtzebuergesch Sprooch huet eng wichteg Bedeitung bei der CFL, insbesonnesch am Kontext vun der Interaktioun mat der Cliente oder dem Client a vun der interner, informeller Kommunikatioun.

Am Beräich vun der Rekrutéierung ginn d'Sproochenufuerderungen jee no Funktioun definéiert. Fir eng Rei vun operativen Funktiounen am Kontakt mat der Cliente oder mam Client ass d'Beherrschung vun der Lëtzebuergesch Sprooch, um Niveau B1 um Enn vun der Proufzäit, eng Voraussetzung.

Fir all aner Funktiounen müssen d'Sproochkompetenzen am Lëtzebuergesch am Laf vun der Proufzäit mindestens de Niveau A2.2. erreechen.

D'Erreechen vun dësen Ziler gëtt ënnerstëtzt iwwer eent interne Formatiounsprogramm „LetzTrain“.

Heimat ginn eventuell Schwellen an der informeller Kommunikatioun vum Betriebsliewen reduzéiert, fir d'Konzept vun der CFL „chacun peut parler sa langue“ ëmzesetzen.

No dësem Prinzip funktionéiert och d'Formatioun, bei där d'Formatrice oder de Formateur op individuell sproochlech Kompetenzen ageet, an der lëtzebuergescher wéi och an der reglementarescher, franséischer Sprooch.

Déi etabliert Approche erlaabt et der CFL, eng qualitativ héichwäerteg Kommunikatioun mat der Cliente oder mam Client ze garantéieren, d'Integratioun vun neie Mataarbechter*Innen ze reusséieren an de méisproochegen Kontext vum Land konsequent ze berücksichtegen.

Wéi gëtt garantéiert, datt Sproochenexamen fir all Kandidaten ënnert de selwechte Konditiounen ofgehale ginn, onofhängeg vun hirer Nationalitéit oder Hierkonft?

D'Gläichbehandlung gëtt bei der CFL duerch e standardiséierte, transparenten Testkader garantéiert, deen un d'Ufuerderungen vun de gültege Qualitätsnormen ugepasst ass, besonnesch wat Onparteilchkeet an Net-Diskriminatioun ugeet.

All Kandidatinnen a Kandidaten ginn op Basis vun de follgende Prinzipie getest:

Identesch Prüfungsbedéngungen, am viraus definéiert Bewäertungskrittäre, déi op eng eenheetlech Aart a Weis ugewannt ginn, Evaluateuren, déi fir eng objektiv an homogen Bewäertung vun de Sproochkompetenze forméiert sinn.

D'Mesuren en Place assuréieren eng komplett Novollzéibarkeet vum Evaluatiounsprozess a garantéieren, datt d'Resultater exklusiv op de gefuerderte Sproochkompetenze baséieren, onofhängeg vun der Nationalitéit oder der Hierkonft vun de Kandidatinnen a Kandidaten.

Ass geplangt, d'Krittären oder d'Evaluatioun bei Sproochenexamen unzepassen, an, falls jo, wéi gëtt dobäi de Prinzip vun der Gläichbehandlung assuréiert?

Aktuell ass keng Upassung vun de Krittären oder vun der Evaluatioun bei de Sproochenexame geplangt.

Déi besteeënd Approche erlaabt et schonn haut, eng objektiv a gläichberechtegt Beuerteelung vun alle Kandidatinnen a Kandidaten ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES